



Prise de position du Gouvernement

■ **M. Henri Kox, Ministre du Logement.**- Merci fir all déi Interventiounen. Merci awer och dem Semiray Ahmedova fir de Rapport, dee ganz ausféierlech war. Ech wollt ganz kuerz drop agoen. Hei geet et jo grad drëm, deenen entgéintzekommen, déi et am Liewen heiansdo méi schwéier hunn, a fir hinnen déi Subventiounen, déi se ufroen, esou séier wéi méiglech kënnen auszebezuelen. Déi Demarchen, déi sinn heiansdo komplizéiert. Jidderee weess et selwer.

Hei hu mer eebe gekuckt, fir alles an deem Guichet unique, wa mer et Guichet unique maachen ... Dofir hu mer den Accord kritt vun deenen anere Verwaltungen, fir dat direkt do nozefroen.

Sécherlech, et ass virdrun ugeschwat ginn, dass och hei bei der CNPD den Dateschutz ganz wichteg ass. Dofir ass awer nach zrëckbehalte ginn, dass d'Leit mussen ënnerschreiwen, well och vill vun hinnen d'Moyenen nach net hunn, fir déi elektronesch Ënnerschrëft ze maachen an esou weider. Et ass sécherlech eng zukünfteg Approche, déi do nach wäert gesicht ginn.

Et geet jo hei drëms, éischtens, d'Veinfachung ze maachen - den Här Lies hat et virdu gesot -, dass déi Leit net nach mussen an déi eng oder aner Verwaltung goen, fir alles zesummenzekréien. Hei geet et wierklech ganz séier. Dofir sinn ech frou, dass Der hei esou eng breet Ënnerstëtzung gitt.

Et ass virdu vun de Subventiounen geschwat ginn. Mir wäerten och nach méi Campagné maachen, fir dat och méi public ze maachen. Mir haten d'lescht Joer eng Campagne. Mir wäerten elo nach eng lancéieren, dass déi Leit och wierklech hir Rechter huelen. Well et sinn der nach ëmmer vill, déi dat net an Usproch huelen. Dofir soll dat heiten dat vereinfachen.

Wann dann eng ganz breet Majoritéit hei erauskënn, da sinn ech ganz frou. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Logementsminister Henri Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7639. Den Text steet am Document parlementaire 7639⁹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7639 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7639 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11. 7647 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 mars 1977 concernant l'heure légale

Da kéime mer zum Projet de loi 7647 iwwert de Referenzwäert fir déi legal Auerzäit. Duerno wäerte mer nach iwwert d'Question urgente Nummer 3818 vum Marc Spautz debattéieren. Fir de Projet 7647 ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zäit ass e ganz fundamentale Pilier vun der Organisation vun eisem Liewen. Dat wësse mer alleguerten. Dat heescht awer net, dass mer eis oft d'Fro stellen, wéi d'Zäit iwwerhaapt definéiert a gerechent gëtt. Ma mat deem heite Gesetzesprojekt aktualiséiere mir d'Gesetz vum 17. Mäerz 1977, also dat huet schonn e puer Joerzëngten um Bockel, iwwert d'Heure légale.

Am Kär geet et mat dësem Gesetzesprojekt drëms, fir d'Referenz vun der Heure légale ze moderniséieren. Als Referenz wäert an Zukunft net méi d'Zäitsignal vum 15. Meridian ëstlech vu Greenwich gëlen, mee den Temps universel coordonné, UTC, dee vum Bureau international des poids et mesures mat Hëllef vun den Atomauere vun de Memberstaate gerechent gëtt.

Vereinfacht gesot gëtt d'Moyenne geholl vun de lokalen Atomauere vun de Staaten, déi Member sinn. Weltwäit ziele mir am Moment eng 600 Atomaueren, déi alleguerten derzou bäidroen, fir den UTC eeben auszerechnen.

De Bureau international des poids et mesures mécht dann eemol de Mount den Exercice, fir den UTC a posteriori auszerechnen. Zu Lëtzebuerg hu mer de Bureau luxembourgeois de métrologie, de BLM, deen d'UTC-Valeur vu Lëtzebuerg rechnet an un de Bureau international, deen zu Paräis ass, weidergëtt.

Opgrond vun den Accorden tëscht dem ILNAS (ndlr: Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accreditation, de la sécurité et qualité des produits et services) an dem Bureau international - dat ass en Accord, deen ass scho vum Oktober 2014 -, sinn d'Zäitskala vum Lëtzeburger Bureau de métrologie an déi dovunner ofgeleeten UTC international unerkannt.

Déi atomaresch Zäitskala, déi de Lëtzeburger Büro rechnet, erlaabt eng bal net virstellbar Prezisioun. Fir et op de Punkt ze bréngen: Den Ecart tëscht der theoretesch perfekter Sekonn an der Sekonn, déi mat der Atomauer zu Lëtzebuerg gerechent gëtt, läit bei 0,00000... an da 16 Nullen an eng 1 ... also, 15 Nullen hannernt dem Komma an dann 1.

Dës Prezisioun ass natierlech fir de mënschleche Verstand onméiglech ze erfaassen. Mee et ass awer eng Prezisioun, déi net onwichtig ass, zum Beispill fir déi juristesche Sécherheet vu bestëmmtenen Transaktiounen, notament de Finanztransaktiounen op der Bourse.

De Bureau international kann am Prinzip nëmmen een Institut fir all Memberstaat unerkennen. An deem Sënn ass et och ubruecht, de Bureau luxembourgeois de métrologie, deen ech elo schonn e puermol hei genannt hunn, als déi fir Lëtzebuerg zoustänneg Instanz unzuerkennen. Dat gëtt och an dësem Projet de loi gemaach. De BLM ass also offiziell déi Instanz bei eis, déi d'Referenz fir d'Heure légale ass.

An deenen anere Länner gëtt d'Heure légale natierlech och par rapport zum UTC ausgedréckt. All Land setzt esou vill Stonne bei den UTC bäi oder hält se ewech, fir dass d'Heure légale mat der Position vun der Sonn am Laf vun engem Dag iwwereneestëmmt.

Vu dass den Territoire zu Lëtzebuerg e bësse méi kleng ass wéi dee vun deene meeschten anere Länner a vu dass eisem Land och keng weider Territoiren zougestane ginn, déi geographesch an aneren Zäitzonen leien, brauche mir hei zu Lëtzebuerg just eng eenzeg Valeur fir d'Heure légale, an déi ass UTC+1.

Ech kann an deem Sënn jiddweree berouegen: Och wa mir d'Zäit als solches mat dësem Gesetzesprojekt nei definéieren, esou bleift dach awer am Alldag alles beim Aalen.

Weider wëilt ech och nach umierken - well dat hat ech selwer am Ufank geduecht, wéi mer mat deem heite Projet ugefaangen hunn -, dass dëse Gesetzesprojekt keen Impact huet op d'Diskussioun ronderëm d'Summer- an d'Wanterzäit. D'Summerzäit ass bis d'nächst Joer inclus, also bis Enn 2022, iwwert de Règlement grand-ducal vum 28. Juli 2017 gereegelt an huet iwwerhaapt näischt mat deem heite Gesetzesprojekt ze dinn.

Et kann een ofschléissend nach soen, dass de Staatsrot ausser mat engem méi technesche Problem bei engem eenzegem Artikel keng Observatioun ze maachen hat, soudass ech mengen, dass mer kéinte mat guddem Gewëssen dësem Gesetzesprojekt eis Zoustëmmung ginn. An dat wëll ech och am Nimm vu menger Fraktioun heimat gemaach hunn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen der Madamm Rapportrice Lydia Mutsch villmools Merci a ginn direkt d'Wuert weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Diane Adehm.

Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech wëilt der Rapportrice, der Madamm Mutsch, villmools Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport. Et ass richtig, dass den Nimm vum Gesetzesprojekt méi spektakulär kléngt, wéi en am Endeffekt ass. Well wann ee vun der Heure légale schwätzt, stellt ee sech ëmmer ganz vill vir. Mee am Endeffekt ass net ganz vill derhannert.

An ech ka ganz berouegt d'Zoustëmmung vun der CSV heizou ginn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. Da wier et um honorabelen Här Guy Arendt.

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Jo, merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot. D'Madamm Mutsch huet en exzellente Rapport gemaach, sougutt schrëftlech wéi mëndlech. Ech ka mech deem nëmmen uschlëssen, hir Merci soen an den Accord vun der DP ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. D'Wuert geet elo un den Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. D'Rapportrice huet dat exzellent op de Punkt bruecht. Ech si frou, dass an d'Zukunft d'Auer och nach ëmmer richtig tickt zu Lëtzebuerg, och wa mer heiansdo hei iwwerzéien.

Ech ginn domadder den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Da geet d'Wuert un den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wäert eis wäertvoll Zäit net weesentlech méi laang an Usproch huelen, nodeem ech gradesou wéi d'Madamm Mutsch berouegt war, datt ëm Gottes wëlle keen op d'Iddi komm ass, d'Summer an d'Wanterzäit ofzeschaffen, kann ech ganz gär den Accord zu dësem ganz technesche Projet ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. D'Heure légale, dat ass en Thema, wat op deen éischte Bléck immens dréngt kléngt, well kee wierklech weess, wat et domat op sech huet. Mir wëssen alleguerten, datt mer eng Auer hunn, mee déi meescht Aueren heibanne weise warscheinlech net grad déi nämmlecht Auerzäit un.

Fir eis Technologie ass et awer immens wichteg, datt d'Auer ganz prezis ginn an datt d'Auer genau wëssen, weltwäit, wéi vill Auer et grad ass. Ënner anerem zum Beispill: Jiddweree vun eis huet e Lux-Trust. Fir lech eppes ze soen: Dee Code, deen OTP, deen Token, deen Der hutt, funktionéiert just, well dat Gerät genauou weess, wéi vill Auer et grad ass, wéi de Server, op deem Der lech grad connectéiert. An do muss een op 30 Sekonne près sinn, soss geet et net.

Genau dowéinst ass et esou wichteg, datt een eng ganz kloer Definitioun vun enger Auerzäit huet. An dat ass eeben heimadder geschitt, datt mer dat technesch besser verankeren, datt mer net méi op en Urmeter oder op eng Urminutt zrëckgräifen, mee datt mer hei wierklech op d'Atomzäit zrëckgräifen. An datt mer dobäi e bëssen d'Zäitzonen ugepasst hunn, ass eng gutt Iddi. Duerfir klauen ech dann och net méi vun Ärer Zäit den Owend an ech soen: Mir ginn eisen Accord.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. An d'Auer fällt an d'Kompetenz vum Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Och ech wäert e feste Bléck op d'Auer hunn an net vill Zäit hei beusprochen. Ech wollt dem Lydia Mutsch e grouse Merci soe fir hire ganz ausféierleche Rapport zu dësem techneschen, awer wichtige Projet, wou effektiv den ILNAS mat senger Atomauer derzou bäidréit, d'Auerzäit ze maachen, ze fabrizéieren. Dat ass e wichtige Projet fir eist Land.

Ech freeë mech och iwwert déi breet Zoustëmmung. Voilà. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7647. Den Text steet am Document parlementaire 7647³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7647 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass de Vott ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7647 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

12. Question urgente n° 3818 de M. Marc Spautz concernant l'avenir du site sidérurgique de Dudelange

Mir kommen elo zur Question urgente 3818 vum Här Marc Spautz iwwert d'Zukunft vun der Diddelenger Schmelz. Den Här Spautz huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Marc Spautz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Och de Kolleg Marc Baum hat schonn eng Kéier eng Fro betreffend Liberty Steel gemaach. Liberty Steel, dat ass 2018 entstanen doduerch, dass d'ARBED (veuillez lire: ArcelorMittal) Ilva wollt iwerhuelen. Dat ass en anere Grupp. An en ass vun der Europäescher Kommissioun opgefuerdert ginn, e misst verschidden Deeler verkafen.

De Vizepresident vun der Chamber a fréieren Diddelenger Buergermeeschter war derbäi, wéi Galvalange a Giebel do waren. An den Här Biancalana war net méi spéit wéi 2018 derbäi, wéi déi Transferte stattfonnt hunn, well aus Galvalange a Giebel ass ARBED Diddeleng ginn. An duerno ass vun ARBED Diddeleng alles u Liberty Steel verkaaft ginn, an dat opgrond vun de Fuerderunge vun der Europäescher Kommissioun.

Den 2. November 2018 huet d'Lëtzeburger Industriellefederatioun dat grouss ugekënnegt als groussen Erfolleg fir d'Lëtzeburger Land. E puer Woche méi spéit oder e puer Méint méi spéit, de 17. Abrëll 2019, huet d'Europäesch Unioun dee Verkaf guttgeheescht. Et ass och deementspriedend festgehale ginn, dass fir Liberty House Léck a Lëtzebuerg géifen 300 respektiv 700 Aarbechtsplazen erhalen bleiwen.

Mir schwätzen awer elo net méi vun 300 zu Diddeleng, mee nach vun 250. Et ass mer nämlech och wichteg, och do historiesch drun ze erënneren, dass schonn eng Kéier Versprieche gemaach gi waren. A mir sinn elo net méi bei deenen 300, déi deemools ugekënnegt gi sinn.

Den 1. Juli 2019 huet et geheescht: „Et ass elo alles fäerdeg, den Accord ass do. D'Sue si gefloss a Liberty Steel ass gegrënnt, an d'ARBED, Arcelor-Mittal huet näischt méi dermat ze dinn.“

Deemools ass geschwat gi vun engem Chiffre d'affaires, deen ëm 10,7 % an der Croissance wier an et géif deem Betrib wonnerbar goen.

An Äre Frënd a Virgänger, Här Fayot, de Wirtschaftsminister Etienne Schneider, huet ganz grouss deklaréiert - och nozeliesen an der Press vun deemools am „Quotidien“ an am „Tageblatt“, fir nëmmen déi ze nennen, wou ganz grouss dra stoung -: „Et ass keng Menace fir de Site Lëtzebuerg a keng Menace fir déi Aarbechtsplazen, déi do sinn.“

Den 21. Februar 2020 war d'Saach op eemol anescht. Do huet et geheescht, et géif Problemer gi fir de Site Liberty Steel Léck/Diddeleng. A firwat soen ech Léck/Diddeleng? Dat ass well de Grupp esou heescht.